N°3326
Entrée le 05.01.2026
Chambre des Députés

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°3326 vum honorablen Deputéierten Dan Hardy**

1. **Ass d'Regierung sech bewosst, datt dës spezifesch Etüd e falscht Bild vun der sozialer Realitéit am Land presentéiere kéint? Wa jo, wéi eng Alternative gi fir eng qualitativ Bewäertung vun der Gläichheet tëscht de Geschlechter virgeschloen?**

Den Gender Equality Index ass duerchaus en nëtzlecht Instrument.

Den Gender Equality Index sammelt säit 2010 Daten zur Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an de Länner vun der EU a gëtt séit 2013 publizéiert, säit 2019 op enger järlecher Basis. Et ass en Outil fir Gläichstellung ze moossen. Den Index regroupéiert 37 Indicateuren an engem eenzege Wäert. Dëse Wäert gëtt e Bild vun der Gläichstellung souwéi de Verglach mat anere Länner. Des weideren erlaabt den Index d'Evolutioun iwwert Zäit ze verfollegen. Et ass deemno duerchaus en Outil deen benotzt kann ginn fir Politicken ze definéieren an ze evaluéieren.

Zousätzlech zu dësem Outil huet de Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA) en eegent Instrument op d'Bee gesat fir d'Entwécklung vun der Gläichstellung ze suivéieren.

Den Observatoire de l'égalité entre les genres ass en Outil, deen – wat d'Beräicher betrëfft, op den Gender Equality Index baséiert ass. Den Observatoire berechent allerdéngs keen Index. Vill méi ass et eng Zentralstell fir eng Panoplie vun Indicateuren an de Beräicher haislech Gewalt, Aarbecht, Prise de décision, Equiliber tëschent Beruff – a Privatliewen, Educatioun, Akommes a Gesondheet. Den Observatoire ass disponibel fir de Public (www.observatoire-egalite.lu). Des Indicateuren erlabe souwuel de quantitative wéi de qualitative Suivi vun der Gläichstellung tëschent de Geschlechter zu Lëtzebuerg.

Des weideren huet de MEGA am Joer 2025 eng Ëmfro an engem representativen Deel vun der Gesellschaft gemaach, wou et ëm d'Perceptioun vun der Egalitéit an der Diversitéit an der Gesellschaft geet. Des Ëmfro wäert et dem MEGA erlaben, déi néideg Mesuren ze huelen a méi geziilt ze kommunizéieren.

De MEGA huet 2025 3 Aktiounspläng ausgeschafft:

- De nationalen Aktiounsplang fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
- De nationalen Aktiounsplang fir geschlechterbaséiert Gewalt
- De nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun de Rechter vun LGBTIQ+ Persounen

Ziler vun den Aktiounspläng sinn ënnert anerem Sensibiliséierung, Reduktioun vu Stereotyppen a Sexismus, Formatiounen, Datenerhiewung, Preventioun vu Gewalt a Schutz vum Affer, Schafung vum néidege gesetzleche Kader.

Des Aktiounspläng sinn allen 3 zesumme mat anere Ministèrë souwéi am Echange mat der Zivilgesellschaft ausgeschafft ginn. De Suivi vun de Pläng gëtt an de jeeweilege Begleedcomités[1]

---

[1] Règlement grand-ducal du 15 décembre 2016 portant 1. modification du règlement grand-ducal modifié du 31 mars 1996 portant création d'un Comité interministériel de l'égalité entre femmes et hommes et portant création des cellules de compétences en genre dans les ministères; 2. modification du règlement grand-ducal du 24 novembre 2003 relatif au Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence; 3. abrogation du règlement grand-ducal du 10 juillet 1974 relatif à l'égalité de rémunération entre les hommes et les femmes.

Arrêté du Gouvernement en Conseil du 15 avril 2024 portant création d'un comité interministériel pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ+. Mémorial B, N1788 du 22 avril 2024.

gemaach, wou aner Ministèrë vertruede sinn. Sou gëtt assuréiert dass d'Bewosstsinn fir Gläichstellung transversal an der Regierung gestäerkt gëtt.

An den 3 Aktiounspläng sinn d'Mesurë mat Indicateure versinn, déi et erlabe wäerten de Suivi ze maachen. Zousätzlech huet de MEGA och bei der Ausschaffung vun Aktiounspläng vun aneren Ministèrë contribuéiert.

**2. Wéi eng Initiative si geplangt, fir an der Lëtzebuerger Gesellschaft d'Bewosstsinn dofir ze stäerken, datt Gläichstellung eng Astellung an e Wäert ass, a kee Konkurrenzdenken op Basis vun Zuelen?**

Dass Gläichstellung eng Astellung an e fundamentale gesellschaftleche Wäert ass, vermëttelt de MEGA duerch seng sëllech Sensibiliséierungsaktivitéiten, Konferenzen a Campagnen, déi sech un ënnerschiddlech Zilgruppe riichten. Als rezent Beispiller kënne genannt ginn: reegelméisseg Atelieren an de Schoulen aus dem *megacatalogue.lu*, den Event fir Schülerinnen a Schüler mat Atelieren zum Thema Gläichstellung an Diversitéit, de *megalab.lu*, thematesch Konferenze wéi *"Perspectives de genre dans le Secteur de la construction"*, *"Girls in ICT"*, oder *"Girls deploy your talents"*, a Campagne, wéi ënnert anerem *equalitymoves.lu* fir méi Gläichstellung an Diversitéit am Sport.

Dem MEGA ass et besonnesch wichteg scho vu klengem Alter un Stereotyppen ze bekämpfen an de Schoulen, parallel dozou an der Gesellschaft, an der Aarbechtswelt an an der Politik de Wäert vun der Gläichstellung nohalteg ze fërderen.

Haaptziler vun den dräi Aktiounspläng vum MEGA sinn ënnert anerem Sensibiliséierung, d'Reduktioun vu Stereotyppen a Sexismus, Formatiounen, Datenerhiewung, d'Preventioun vu Gewalt an de Schutz vum Affer, souwéi d'Schafung an d'Weiderentwécklung vum néidege gesetzleche Kader. Chiffréiert Indicateure sinn an den Aktiounspläng hannert all Mesure an erlaben de Suivi vun de Mesuren ze maachen.

De MEGA leet ausserdeem weiderhin vill Wäert op de reegelméissegen Echange mat der Zivilgesellschaft, fir Sensibiliséierungsaarbecht gemeinsam ze gestalten a weider Besoinen ze rezenséieren. Dëse Dialog dréit dozou bäi, d'Gläichstellung als kollektiv Verantwortung an als gemeinsame Wäert an der Gesellschaft ze verankeren.

Lëtzebuerg, den 05. Januar 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko BACKES

---

Arrêté gouvernemental du 20 juin 2025 portant la création d'un comité interministériel « Violences fondées sur le genre »